N°3941
Entrée le 15.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3941 vum 20. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

**1. Wien muss d'Käschte bezuelen, wann een Dierschlass vun engem Dierwiechter futti gemaach gëtt?**

Wa keen, weder den Dierwiechter, nach de Schlässer, deen d'Dier opgemaach huet, e Feeler gemaach huet, da sinn d'Käschte vun der Prozedur vum Debiteur ze droen.

**2. D'Ministesch schreift och, dass den Dierwiechter keng Méiglechkeet fir erauszefannen, wien de Proprietaire vun enger Wunneng ass. Kann den Dierwiechter heifir net einfach op de Kadaster kucke goen, esou wéi Privatpersounen dat och schonn iwwert Myguichet haut maache kënnen? ( https://guichet.public.lu/de/citoyens/logement/acquisition/copropriete/extrait-cadastral.html )**

Och dee Moment bleift nach ëmmer d'Contrainte, datt wann eng forcéiert Exekutioun vun engem Urteel e Locataire betrëfft, et dem Dierwiechter, deen dem Beruffsgeheimnis ënnerläit, net erlaabt ass de Proprietär ze kontaktéieren, an dëst, ënner dem Risk vu penale Strofen.

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue